

Hänsel a Gréidel

COSIMO SUGLIA • DALIAH KENTGES



HÄNSEL A GRÉIDEL

Cosimo Suglia • Daliah Kentges

Fräi adaptéiert nom Märche vun de Bridder Grimm

KREATIOUN

Donneschdes 18., Samsdes 20. & Dënschdes 23. Dezember 2025 • 18h30

Sonndes 14. & Sonndes 21. Dezember 2025 • 17h00

am Groussen Theater

•

Dauer **1h10 (spectacle en création)**

•

Text **Cosimo Suglia**

Regie **Daliah Kentges**

Bün **Anouk Schiltz**

Kostümdesign **Sophie Meyer**

Choreografie **Piera Jovic**

Kompositioun **Arthur Possing**

Luucht & Video **Krischan Kriesten**

Mask & Coiffuren **Joël Seiller**

Textdramaturgie **Sarah Rock**

Regieassistentz & Theaterpädagogik **Laetitia Lang**

•

Mam **Sofia Binetti, Gianfranco Celestino, Serge Daniel Kaboré, Sascha Ley, Sissy Mondloch, Rhiannon Morgan, Yaz Sané, Raoul Schlechter, Magaly Teixeira, Timo Wagner**

•

Produktioun **Les Théâtres de la Ville de Luxembourg**

Hänsel a Gréidel

Léif Pädagog.innen, Léift Léierpersonal,

Am Numm vun den Théâtres de la Ville de Luxembourg heeschen ech iech ganz härerlech wëllkomm, dës Begleetmapp zesumme mat Äre Schüler a Schülerinnen ze erfuerschen an dem *Hänsel a Gréidel* hir Geschicht ze entdecken.

Déi Begleetmapp, déi Dir grad an den Hänn haalt, gëtt iech en Abléck an d'Stéck *Hänsel a Gréidel* a riicht sech u Kanner ab 6 Joer.

Sie gouf konzipéiert, fir Är Klass op dëst Märchen an op bestëmmten Aspekter vun der Inzenéierung anzestëmmen an sou eng Virbereedung op d'Stéck ze maachen. An der Nobereedung kënnen dann déi perséinlech gemaachten Erfarunge reflektéiert an ausgetosch ginn.

Dësen Dossier bitt iech Ureegung wéi d'Vir- an Nobereedung kéint gestalt ginn. Dir sidd härerlech agelueden, d'Iddien un Är Klass unzepassen, weiderzedenken an sou ze kombinéieren, wéi Dir dat wëllt.

D'Team vum *Hänsel a Gréidel* wënscht iech an Ärer Klass vill spannend Momenter a ganz vill Spaass beim Ausprobéieren.

Zum Schluss am Anhang E fannt dir e Sproch, den iech am Stéck weiderhëllefe wäert. An dem Hänsel a Gréidel wäert hëllefen. Léiert e gär mat de Kanner.

Inhalt

Informatiounen

An dësem Deel vun der Mapp gitt Dir méi iwwert den Théâtres de la Ville de Luxembourg gewuer. Dir fannt eraus, ween alles hannert dem *Hänsel a Gréidel* stécht a wat Dir wësse musst, ier Dir mat Äre Schüler an den Theater kommt. Dir fannt Informatiounen zum Konzept, e Resumé vun der Geschicht, Interviewe mat verschiddene Persounen aus dem Team sou wéi d'Virstellung vun deenen anere Kënschtler:innen.

Dësen Deel ass virun allem fir Iech, léif Pädagog:innen an net fir d'Schüler. Dat Wëssen, dat Dir aus deem zitt, hëlleft Iech, de prakteschen Deel ze verstoen an d'Übungen ze leeden.

Prakteschen Deel

Am zweeten, prakteschen Deel, fannt Dir theaterpädagogesch Übungen, déi Dir ganz einfach mat Ärer Klass duerchféiere kënnt.

Dës Übung sinn dofir do, d'Schüler virwëlzig op d'Stéck ze maachen, sech mam Thema ausernannerzusetzen an déi perséinlech an eege Gedanken an Haltungen zum Stéck unzereegen. Et gëtt de Schüler d'Méiglechkeet, d'Stéck villsäiteg ze erliewen.

Anhang

Am Anhang fannt Dir d'Material, dat Dir fir de prakteschen Deel braucht.

Quellevereechnes & Impressum

Hei fannt Dir d'Quellevereechnes an d'Kontakter vum Grand Théâtre an dem Team vum *Hänsel a Gréidel*.

Informatiounen

D'Stéck *Hänsel a Gréidel*

Wie kennt se net, d'Geschicht vun de Geschwëster Hänsel a Gréidel, déi sech am Bësch verieren, an an eng magesch a bedrolech Welt andauchen, wou eng Hex an engem Knusperhäischen déi zwee probéiert mat Séissegkeeten ze lackelen. De Schrëftsteller Cosimo Suglia an d'Regisseurin Daliah Kentges bréngen hir fräi adaptéiert Versioun vum *Hänsel a Gréidel* opt Bün vum Grand Théâtre. E wonnerbaart Märchen, mat Danz a Musek, dat vu Mutt an Zesummenhalt erzielt, an zwou Kannerfiguren an de Mëttelpunkt stellt, déi sech an all Situatioun géigesäiteg ënnerstëtzen, an dat net zulescht, wann déi Erwuesse si am Stach loossen a si ganz op sech eleng gestallt sinn.

De Groussen Theater Lëtzebuerg

D'Théâtres de la Ville de Luxembourg sinn de Grand Théâtre an den Théâtre des Capucins. Si presentéieren eng divers a räich Programmation aus Danz, Oper an Theater, déi vum bestänneg Wonsch gedriwwen gëtt, d' Froe vun enger dynamescher Kulturzeen an engem kosmopolitesche Publikum gerecht ze ginn.

Vu Saison zu Saison beméien d'Théâtres de la Ville sech, hir Roll als kulturelle Schwéierpunkt ze ënnersträichen. Dobäi droe si aktiv zur Weiderentwicklung vun der Kulturszeen zu Lëtzebuerg bäi, ënnert anerem duerch d'Zesummenaarbecht mat lokale Kënschtler a Koproduktiounen mat internationale Partner, an andeems si e staarkt Gewiicht op Kreatioun, d'Emergenz an d'Ënnerstëtzung vu neie lokale Kreatiounen leeën.

D'Kënschtler.innen

Cosimo Suglia

De Cosimo ass den Auteur vum d'Stéck. Hien huet den Text geschriwwen an an engem Austausch mam Daliah Kentges nei Ideeën a Variatiounen vum klasseschen *Hänsel a Gréidel* op d'Blat bruecht.

De Cosimo schreift Literatur an iwwer d'Literatur. Hien huet schonn e ganze Koup Kuerzgeschichten an Artikelen verëffentlecht. Hie schreift op Lëtzebuergesch an op Englesch. Hien huet scho fir Theaterë geschriwwen ënnert anerem staamt *D'Julie an den Aprikosejong* aus senger Fieder, oder éischer, vu senger Tastatur. 2025 ass *D'Julie an den Aprikosejong* mam Bünepräis als beschd Kanner a Jugendstéck ausgezechent ginn.

2025 ass och säin éischte Roman *Roserei* rauskomm.

De Cosimo huet Fräschchen, Kiewerleken a Subkulturen gären.

Daliah Kentges

Daliah Kentges mécht d'Regie fir d'Stéck. Dat heescht, sie entwéckelt mam Team all d'Ideeën. Op der Bün gesitt Dir si net, mee si ass hannert der Bün a këmmert sech dorëms, datt alles klappt an datt Dir e schéint Theatererlebnis hutt.

Daliah huet däitsch Literatur an englesch Philologie studéiert an huet en Doktorat op der Universitéit Lëtzebuerg gemaach. Nieft hirer Forschungsarbeit huet d'Daliah och Erfahrungen als Regieassistentin un der Säit vun nationalen an internationale Regisseur.innen gesammelt. Nodeems si mat zwou zeenesche Liesungen (*Wat den Noper seet...an aner Geschichten a Famina*) hir éischt eege Projeten am Theater realiséiert huet, ass 2019 mat *Dräi Schwëstere*, dat éischt Theaterstéck ënnert hirer Regie am

Kasemattentheater op d'Bün komm. An dunn ass et richteg lassgangen, säit deem huet d'Daliah fir 11 ënnerschiddlech Stécker Regie gemaach, ëmmer mat ënnerschiddlechen Theateren, Kollektiver an Theaterveräiner.

Dëst Joer huet d'Daliah fir *D'Julie an den Aprikosejong* de Bünepräis an der Kategorie „Beschd Kanner- a Jugendtheaterproduktioun“ kritt.

Fir méi Infoen iwwert d'Daliah, kuckt gären hei laanscht: www.daliahkentges.com

Méi ënne fannt dir och nach en Interview mam Daliah.

Arthur Possing

Den Arthur Possing huet d'Musek fir *Hänsel a Gréidel* geschriwwen an huet dofir gesuergt, datt verschiddde Figuren an Szenen een eegent musikalescht Thema hunn.

Den Arthur gëllt als ee vun deene villversprechendste Pianiste vu senger Generatioun an huet e ganz natierlechen Zougang zur Musek. Hie gouf 1996 an eng Famill gebuer, wou d'Musek eng wichteg Plaz anhëlt an omnipresent ass. Hien huet mat klassescher Batterie ugefaangen a kuerz drop koum de klassesche Piano dobäi an dunn huet hien schliisslech d'Welt vum Jazz entdeckt.

No dem Ofschloss vum Secondaire huet hien en Zousatzstudium a Jazzpiano um Conservatoire royal de Bruxelles beim Eric Legnini gemaach.

2013 gouf d'Arthur Possing Quartet gegrënnt, dat bis elo zwee Albumen verëffentlecht huet. *Four Years* (2018) an *Natural Flow* (2021). A sengem jonken Alter weist den Arthur Possing eng musikalesch Vielfalt op, während hien trotzdeem eng kloer an erkennbar Linn a senger Musek erkenne léisst.

Méi Infoen iwwert den Arthur fannt Dir hei: www.arthurpossing.com an och am Interview méi spéit am Dossier.

Piera Jovic

Piera mécht d'Choreografie fir d'Stéck. Si schafft mat den Dänzer an Dänzerinnen zesummen an alles wat Dir un Danz am Stéck gesitt, huet Piera sech iwwerluecht.

D'Piera ass Dänzerin a mécht och physical theater hei a Lëtzebuerg an am Ausland. Si schafft immens gären interdisziplinär, dat heescht, wou verschidde Konschtrichtungen zesummentreffen an et z.B. nët nëmmen Theater ass oder nëmmen Danz mee wou alles gemëscht ass, sou wéi bei *Hänsel a Gréidel*.

Si schafft als Dänzerin, Choreografin, Assistentin an och als „regard extérieur“ an ënnerschiddlechen Theateren a Companien.

D'Piera schafft reegelméisseg mat Kënschler:innen aus aneren Konschtspachten zesummen, wat si dozou bréngt, hiert Wëssen iwwert Kierperen, déi a Beweegung sinn, ze erweideren.

Méi iwwert d'Piera fannt Dir am Interview.

Sarah Rock

Sarah mécht d'Dramaturgie fir d'Stéck. Si verdéift sech gären an d'Recherche, (geschichtlechen Hannergrond, Figuren, aner Opféierunge vum Text etc.) an den Text (Ass alles schlësseg opgebaut? Sinn d'Figuren ausgebaut? Ass de Rhythmus vum Text an d'Stéck stëmmeg? Etc.) D'Aarbecht vun der Dramaturgin/vum Dramaturg fänkt domat laang virun de Prouwen un.

D'Sarah enseignéiert Däitsch an ass Theaterdramaturgin. Si huet zu Wien däitsch Philologie studéiert an hat Geschicht a Philosophie am Niewefach. No sengem Master huet si zu Wien am Theater an der Josefstadt als Dramaturgieassistentin geschafft a verschidde Projeten, ënnert anerem Die Verdammten vum Elmar Goerden begleet. Sait 2018 wierkt d'Sarah an Theaterproduktiounen vun ënnerschiddlechen Theaterhäiser zu Lëtzebuerg mat. Sait 2018 schafft d'Sarah och als kënschtlersch Beroderin beim *Fundamental Monodrama Festival* mat.

Sophie Meyer

D'Sophie Meyer këmmert sech ëm d'Kostümer fir d'Stéck. Si iwwerleet, wéi d'Kostümer sollen aussinn a wéi se bei d'Characteren vun de Rollen passen.

D'Sophie ass fräischaffend Kostümbildnerin a Kënschtlerin a wunnt zu Lëtzebuerg. Si beschäftegt sech mat Textil, Kierper a Raum. Mat hire Kostümer erzielt si Geschichten. Si huet e Bachelor als Kostümbildnerin zu Hannover gemaach an duerno och nach e Master a Costume Design for Performance zu London.

Sait 2019 kreéiert si Kostümer fir ënnerschiddlech Theateren a Veräiner a mécht och Wearable-Art-Stécker. D'Sophie verbënnt historesch Aflëss mat onkonventionelle Materialer an experimentéiert mat Stoffer fir eegen Texturen, Formen a Räim ze erschafen, déi eppes erzielen.

Anouk Schiltz

D'Anouk Schiltz ass fräischaffend Bühn- a Kostümbildnerin a wunnt zu Lëtzebuerg. Si huet un der École Nationale Supérieure des Arts Décoratifs zu Paräis studéiert an 2005 hiren Diplom als Bühnenbildnerin kritt.

Zanter deem schafft si mat verschiddene Regisseur:innen aus dem In- an Ausland a kreéiert Bühnecollagen a Kostümer fir Theateren a kulturell Institutiounen. Mat hirem A fir den Detail, kombinéiert si traditionell Techniken mat modernen Elementer a léisst d'Inspiratioun aus verschiddene Konschtsparten an hir Aarbecht afléissen.

2021 gouf si fir d'Stéck *Mille Endormis* mam Theaterpräis „Hannert der Bün“ ausgezeechent an huet och d'Bünebild an d'Kostümer fir *D'Julie an den Aprikosejong* gemaach. Mat grousser Leidenschaft a kënschtlersch Feingefill schafft d'Anouk un diverse Projeten.

Laetitia Lang

D'Laetitia mécht d'Regieassistentz. Dat heescht, si schreift d'Prouwepläng, schreift Textveränerungen op a steet der Regisseurin zur Säit.

D'Laetitia schafft als Theaterpädagogin, Theater-schaffend a Regieassistentin zwëschent Lëtze-buerg an Éisträich. Si huet op der Universität Wien Bildungswissenschaft studéiert an um Institut für angewandtes Theater eng Ausbildung als Schauspiel- an Theaterpädagogin gemaach. Saitdeem huet d'Laetitia als Theaterpädagogin, Performerin, Regisseurin a Regieassistentin an ënnerschiddlechen Theaterhaiser, Bildungsari-ichtungen a Kulturveräiner geschafft. 2022 huet si am Kader vun Esch22 fir de KënschtlerInnen-kollektiv MASKÉNADA d'Regie vum *Nuetsgejäß a Bëschgepësper* vum Mandy Thiery an dem Jean Bûrlesque gemaach.

Magaly Teixeira

Magaly Teixeira ass Schauspillerin an ass op der Bûn an op der Leinwand oder um Fernseh ze gesinn. Hei spillt d'Magaly d'Roll vum Gréidel.

D'Magaly Teixeira huet hir Passioun fir den Theater an den Danz scho mat 9 Joer entdeckt. Nodeems si hiren Diplom kritt huet, huet hiren Dram professionell Artistin ze ginn, si op Paräis bruecht, wou si Schauspiel studéiert huet.

No ënnerschiddlechen Theater- a Filmprojeten, ënnert anerem *Capitani* huet d'Magaly 2021 de Filmpräis als bescht Schauspillerin fir d'Netflix-Serie *Coyotes* kritt.

Mee och am Theater ass d'Magaly weider aktiv, sou konnt een si ënnert anerem an *La petite fille de la Mer* am Escher Theater ënnert der Leedung vum Rita Reis gesinn, an och an der Roll vum *D'Julie an den Aprikosejong* vum Cosimo Suglia an Daliah Kentges als Julie.

D'Magaly ass och als Synchronspriecherin fir Synchronatiounen a Radiosendungen aktiv.

Timo Wagner

Den Timo Wagner ass Schauspiller a passionéierte Sportler. An dëser Produktioun spillt den Timo d'Roll vum Hänsel.

Den Timo huet vu Kand u Sport gemaach, Dëschtennis huet zu senger grousser Passioun gehéiert, hei war hien souguer an den Europa-Meescherschaften an op villen internationalen Tournéieren dobäi. Mee och an der Leichtathletik war hien an en huet d'Klammern an d'Boulderen fir sech entdeckt. Nieft dem Sport ass awer och den Theater net ze kuerz komm an hien huet a ville Filmer an Theaterproduktiounen matgewierkt an ass dofir an déi ënnerschiddlechst Rollen a Kostümer erageklomm. Beim Kaleidoskop Theater ass hie souwuel hannert, wéi och op der Bûn aktiv. 2023 krut hie fir seng Interpretatioun am *Songe d'une Nuit...* vum Myriam Muller den Theaterpräis an der Kategorie Nowuesstalent.

Raoul Schlechter

De Raoul Schlechter ass Schauspiller a spillt d'Roll vum Papp.

No senger Schauspillausbildung zu Paräis, huet de Raoul ugefaangen am

Théâtre National du Luxembourg am Hamlet vum Frank Hoffman matzespillen.

Duerno stoung hien op der Bûn a Produktiounen vum Aude-Laurence Biver, Pauline Collet, Laurent Gutmann, Jérôme Konen, Sophie Langevin, Carole Lorange, Claude Mangen, Stefan Maurer, Thierry Mousset, Myriam Muller, Fábio Godinho, Leonie Rebentisch, Sandra Reitmayer, Jacques Schiltz an Anne Simon.

Niewent dem Theater, konnt een hien och a verschiddene Filmer oder Serie gesinn, wei zum Beispill *Eng nei Zäit* vum Christophe Wagner, *Io sto bene* vum Donato Rotunno, *Le chemin du bonheur* vum Nicolas Steil oder och nach *Bad Banks* a *Capitani*.

Wat de Raoul u senger Aarbecht gär huet ass, d'Leit zesammenzebréngen fir zesammen eppes ze erliewen.

Sascha Ley

D'Sascha Ley ass Schauspillerin, Musikerin, Improviser, Komponistin, Poetin a nach vill méi. Am Hänsel a Gréidel spillt d'Sascha d'Roll vun der Baba/Arab.

Sascha schafft als multidisziplinär Kënschtlerin zwëschent Wuert, Musek a Bün.

Si huet eng Virléift fir ongewéinlech Projeten an entdeckt gären d'Grenzen tëschent Jazz, Avantgarde, imaginärer Folklore, classescher an neier Musek.

Musikalesch an och schauspilleresch trëtt d'Sascha international op.

Musikalesch ass si a verschiddene Formatiounen ze gesinn – Solo, Duo, bis hin zu Quartetter.

Zu Amsterdam a Lëtzebuerg, Mumbai a Saarbrécken huet d'Sascha Jazz, Hindustani-Gesang, classesch an erweidert Vokaltechnike studéiert.

Serge Daniel Kaboré

De Serge ass Dänzer a spillt am *Hänsel a Gréidel* de Kueb.

De Serge schafft als Dänzer, Choregraf an enseignéiert Danz. Hien interesséiert sech um Danz an all senger Facetten: Als Konscht, als Sprooch an als Mëttel sech perséinlech a gesellschaftlech ze veränneren.

No senger Studien am droit publique, huet hie seng Studien am Danz zu Ouagadougou an am Sénégal gemaach.

Gedriwwe vum Wonsch, Danz als authentesch Ausdrucksform an als Quell vu physischem a psycheschem Wuelbefannen virunzebréngen,

huet hien 2019 seng eege Kompanie Tiengré am Burkina Faso gegrënnt, wou hie bis haut d'kënschtlersche Leedung iwwerhëlt a Stécker entwéckelt.

Zanter 2020 wunnt hien zu Lëtzebuerg a schafft zënter 2021 als Member vum Luxembourg Collective of Dance – LUCODA. Do féiert hie seng kënschtlersche Fuerschung weider a kollaboréiert mat verschiddene Choreograph.innen, dorënner Jill Crovisier, Modestine Ekete, Frieda Gerson an dem Giovanni Zazzera.

Sissy Mondloch

Sissy Mondloch ass Dänzerin, Choreographin a Pedagogin. An hirer Aarbecht setzt si sech op eng sensibel a bewusst Manéier mat dem Thema Selbsterkenntnis a Verbindung duerch Beweegung ausernee.

No hirem Studium um Trinity Laban Conservatoire zu London huet si mat renomméierte Choreograph.innen zesummegeschafft a war op bedeitende Bünne wéi der Tate Modern ze gesinn.

Als aktive Member vum Luxembourg Collective of Dance – LUCODA bréngt d'Sissy sech an eng Rei vu kreativen Projeten an a presentéiert en eegent Wierk, dat sech ë. a. mat mentaler Gesondheet an emotionalem Ausdrack befaasst.

Nieft dem Sissy sengen Optrëtter entwéckelt si och inspiréierend Danzstécker fir Kanner a setzt sech mat vill Engagement fir d'Ausbildung vun der nächster Dänzergeneratioun an.

Mat hirer Konscht luet d'Sissy de Publikum – jonk wéi al – an, d'Kraaft vum Danz als Bréck tëschent dem bannenzege Selbst a senger Ëmwelt ze erfuerschen.

Yaz SANE

De Yaz SANE (iel/heen) ass e franséisch-senegaalesche Performer, Choreograph an Auteur, deen tëscht Paräis a New York forméiert gouf.

Säin Zil ass et, Emotiounen ze vermëttelen an duerch Beweegung a Sprooch Geschichten ze erzielen.

Am Laf vu senger Carrière huet de Yaz mat ville renomméierte Choreograph.innen a Regisseur.innen zesummegeschafft a stoung op grouse Bühnen, wéi Bercy, La Seine Musicale, der Halle Tony Garnier oder dem Ailey Citigroup Theater zu New York. De Yaz trëtt och am Televisiounsberäich op – ënnert anerem um Disney Channel an TFI.

Zënter kuerzem danzt de Yaz virun allem mat der Compagnie Banane Rouge a mam Ballet Populaire vum Brian CA.

Als engagéierte Kënschtler setzt hie sech och a Medie wéi Paint, Maze oder Netflix mat wichtege gesellschaftleche Froen ausernee – dorënner d'Genderidentitéit, e Sujet, deem him/ier besonnesch um Häerz läit.

De Yaz schafft momentan un der Grënnung vu senger eegener Danz-Theater-Kompanie. Déi éischt Kreatioun ass amgaangen ze entstoën – eng Aarbecht, déi Konscht als Raum fir Iwwerleeung, Heelen a Verbonnenheet versteet

Sofia Binetti

Sofia Binetti ass eng professionell Dänzerin an zertifizéiert Pilates-Instructrice, gebuer an opgewuess zu Buenos Aires, Argentinien. Si huet eng breet Formatioun am Danz kritt an ass a Stilrichtungen wéi Jazz, Ballet a Contemporary Dance ausgebild ginn. No hirem Ofschloss vum Arte XXI Dance Training Program zu Buenos Aires huet si dräi Joer laang als Assistentin op der National University of Arts geschafft, wou si hir technesch a pädagogesch Kompetenzen weider verdéift huet.

2019 ass d'Sofia op Lëtzebuerg geplënnert. Hir Passioun fir Beweegung geet iwwert den Danz eraus: Aktuell studéiert si Ernährung an Diétetik, fir hir Léift fir d'Konscht an hire wuessenden Interessen si fir d'Gesondheet a Wellness ze verbannen.

Rhiannon Morgan

D'Rhiannon ass eng international unerkannt Kënschtlerin mat méi wéi 20 Joer Erfahrung am Danz an am Theater, souwuel als Performerin wéi och als Produzentin.

Mat engem méisproocheschen a multikulturellen Hannergrond ass si bekannt dofir, de Publikum duerch perséinlech Geschichtenerzielungen an hir Konscht a Beweegung ze fesselen.

Si huet sech e staarke Ruff an der Branche opgebaut duerch Solo- a Kollektivprojeten, dorënner och bei den Olympesche Spiller zu London am Joer 2012.

Nieft hirer performativer Aarbecht ënnerriicht d'Rhiannon och a schafft mat Kanner a mat der Communautéit an Outreach-Programmer.

Gianfranco Celestino

Den Gianfranco Celestino huet Contemporary Dance op der Folkwang-Hochschule zu Essen an op der Isola Academy zu Venedeg ënnert der Leedung vun der Carolyn Carlson studéiert. Am Joer 1999 krut hien e Stipendium fir de Dance WEB zu Wien, wou hie seng Formatioun ofgeschloss huet.

Hien huet ënnert anerem mat Les Ballet C. de la B., mam Bernard Baumgarten an dem Arazzo Tanztheater geschafft an huet zënter 2002 seng eege choreographesch Sprooch entwéckelt.

Mat sengem Stéck *Sweet Dreams* huet hien der Stad Lëtzebuerg en Hommage gemaach. D'Stéck zeechent e Portrait vun der Stad, dee voller Fantasie a Subjektivitéit ass, mat Kritik, Parodie, Verzauberung an Entzauberung.

Duerno huet hien d'Site-Specific-Aarbecht *Travel Diaries* geschaf – eng Bühnstellung vun engem Reesjournal, dat en Artist-in-Residence-Programm erziele soll.



Hien ass Member vu MASKÉNADA, enger Grupp
déi zanter 30 Joer kulturell Projeten zu Lëtzebuerg
entwéckelt. Zousätzlech ënnerricht hie reegel-
méisseg Contact Improvisation zu Lëtzebuerg.

Interview

mam Daliah Kentges, Regie

Firwat *Hänsel a Gréidel*? Wat verbënnt Dech mat dëser Geschicht?

Ech wollt engersäits e méi bekannt Märche vun de Gebrüder Grimm inzenéieren, dat sech no *Rumpelstizchen* a *Rabonzel* an d'Traditioun vum Chrëschttdagsmärchen am Grand Théâtre areit, an anerersäits e Stéck op d'Bün bréngen, an dem zwou gläichgestallten Haaptfiguren, hei Schwëster a Brudder, sech géigesäiteg ënnerstëtzen an zesumme staark sinn. De Message ass hei ganz kloer: Si kënnen alles bewältegen, sou laang si een fir deen aneren do sinn, sech net aus den Ae verléieren an zesummenhalen.

Wat mécht déi Versioun vum *Cosimo* sou eenzegaarteg an interessant?

An dëser Versioun vum *Cosimo* gouf virun allem de Charakter vun der Hex ausgebaut. Si entsprécht net dem Stereotyp vun der béiser Hex, iwwer déi een am Fong näischt gewuer gëtt, weder iwwert hiert Liewen nach iwwert d'Ursach vun hirem Verhalen. Eis war et immens wichteg, déi veraltene Duerstellung vun der béiser Fraefigur, déi eleng am Bësch leeft, opzebriechen, an hir Figur ze developpéieren. Mir fannen hei eng ambigu Fraefigur vir, déi sech eendeitegen Zouschreiwungen entzitt. Och si ass Hin an Hier gerass tëscht „gutt a béis“. Genau esou huet de *Cosimo* och fir d'Figuren vun den Elteren op stereotypesch Duerstellungen verzicht: Amplaz vun der béiser an intriganter Stéifmamm gëtt eng Pappefigur gezechent, déi mat de Schwieeregkeeten an Erausforderungen vun Elengerzéienden ze kämpfen huet. Domadder si mer dann och vun engem gesellschaftleche Point de vue méi no un der Liewensrealitéit vun eiser Zäit.

Kanns du e bësse beschreiwen, mat wéi enge Leit a wéis du an de kreative Prozess gees, fir *Hänsel a Gréidel* zum Liewen ze erwächen? Also e bëssen de kreativen Prozess erklären?

Ech setzen hei an éischter Linn op Kontinuitéit: Mäi kreatiiv Team besteet aus Kënschtler, mat deenen ech schonn op anere Produktiounen zesummege schafft hunn, a wou ech weess, datt mir berufflech harmonéieren, eis géigesäiteg inspiréieren, an datt mir déi nämmelecht Wäerter an artistesch wéi och ästhetesch Visiounen hunn. Den Ensembel vun de Schauspillerinnen an Dänzerinnen besteet aus engem Mix aus Artisten, mat deenen ech schonn zesummege schafft hunn an neier, déi ech loscht hunn, ze entdecken, a wou ech och menger Choreografin vertraut hunn, fir eegestänneg Choixen an der Besetzung fir den Tanz ze treffen. Nodeems d'ganz Ekip feststoung, hunn ech zesumme mam *Cosimo* a mam Sarah, eiser Dramaturgin, d'Grondkonzept an d'Geschicht developpéiert, sou datt mir eis op en Univers eenege konnten, dee mir wëlle kreéieren, an an dem eist Märche spillt, fir dann an engem nächste Schrëtt an opgrond vun der éischter Fassung mam Anouk a mam Sophie um Konzept vum Bühngebild, de Requisiten an de Kostümer ze schaffen. Quasi parallel sinn ech dunn och an de kreative Prozess mam Arthur an dem Piera gaang, fir d'Musekskompositioun ze definéieren, déi natierlech ausschlaggebend fir d'Danzsequenzen ass. Sou kënnt Schrëtt fir Schrëtt alles zesummen, a beaflosst sech och géigesäiteg a senger Entwécklung. Iert mer dann an déi final Phase vun de Prouwen kommen, hu mer eis während zwou Woche mat de Schauspillerinnen zesumme gesat, fir den Text an d'Figuren mat hinnen um Pabeier weider ze entwéckelen. Sou konnten och hir Reflexiounen mat afléissen. Et ass also e richtegen travail en équipe.

Wéi eng Botschaft wëlls du de Kanner a Jugendleche mat op de Wee ginn?

D'Botschaft ass ganz kloer den Zesammenhalt an awer och déi Erkenntnis, datt kee perfekt ass. Jidderee mécht Feeler, an déi Feeler ze erkennen, se anzegestoen, de Wëllen hunn, dorausere ze léieren an et besser ze maachen, an awer och a leschter Konsequenz des Feeler verzeien ze kréien, datt si Kompetenzen, déi a mengen Aen immens wichteg fir d'Liewe sinn, an déi an eiser op Perfektionismus getrimmter Gesellschaft ze kuerz kommen.

Firwat ass et an dengen Ae wichteg, klassesch Mäercher wéi *Hänsel a Gréidel* fir déi Jonk vun haut ze inzenéieren?

Fir mech gehéieren déi Mäercher ganz kloer zu enger kultureller Traditioun, déi vun engem literaresche Point de vue ganz wichteg sinn, an déi net a Vergiessenheet solle geroden. Natierlech ginn et Aspekter an deene Mäercher, déi een hautdesdaags net méi onhannerfrot duerstellen oder reproduzéiere kann. Mir liewen an enger anerer gesellschaftlecher Realitéit, mir hunn eis weiderentwéckelt a sinn och deelweis mat anere Problematike konfrontéiert, dofir ass et a mengen Ae wichteg, se méi no un eis Realitéit ze bréngen, ouni awer hire Kär aus den Aen ze verléieren.

Froen

un den Cosimo Suglia, Auteur

Wéi bass Du un den Text erugaangen, well et gëtt jo schonn en *Hänsel a Gréidel* vun de Gebrüder Grimm, wat hues du drageloss a wat anescht gemaach?

D'Geschicht vun de Gebrüder Grimm ass am Fong net ganz grouss, also konnt ech menger Fantasie fräie Laf loossen. Dat Éischt wat ech gemaach hunn, ass ze kucken, wéi ech d'Figuren an der Geschicht méi ausbaue konnt. Dat heescht, ech hu mir selwer d'Fro gestallt: Wien ass den Hänsel? Wien ass d'Gréidel? Wien ass de Papp an d'Mamm? Wien ass d'Hex? Esou hunn ech mech an d'Figure verdéift an hinne ganz eege Personalitéite ginn. Vun do aus, huet sech d'Geschicht bal vum selwe geschriwwen!

Wat war déi grouss Erausfuerderung beim Schreiwen?

Ech mengen, déi grouss Erausfuerderung beim Schreiwen vun *Hänsel a Gréidel*, war ze kucke, wéi déi verschidde Figure schwätzen. Jidderee vun eis huet seng eegen Aart a Weis wéi een d'Welt versteet. Dat gëtt beaflosst vun eis selwer, mee och vun eisem Liewen an de Leit déi ronderëm eis sinn. An dat iwwerdréit sech op eist Verhalen an och wéi mir schwätzen. Dat heescht, am Fong hunn ech misste mir Zäit huelen, a mam Hänsel a Gréidel, wéi och mam Papp a mat der Hex, a mengem Kapp schwätzen. Si hu mir hir Geschicht erzielt an ech hu se dann op Pabeier bruecht.

Wat ass Dir wichteg beim Text schreiwen?

Mir ass et immens wichteg, en Text ze schreiwen, dee mir perséinlech och an deem Moment gefällt. Ech wëll Texter schreiwen, déi ech och perséinlech géif am léifste liesen! Dat ass den Zauber vum Schreiwen. Dobäi fléisst och vill vu mir an den Text eran. Meng eege Witzer, meng eege Magie, mäin eegent Liewen.

Hues Du eng Liblingsfigur? Psst, mir soen et och net weider ;)

Wierklech net weidersoen, okay? Meng Liblingsfigur ass d'Haus. Och wann et net lieweg ass, lieft d'Haus immens vill ;)

Hues Du dech schonn eemol am Bësch veriert oder soss anzwousch a wéi war däi Gefill?

Ech hu mech nach ni am Bësch verluer. Ech verléiere mech awer oft a mengem Liewen. Mee ech gesinn dat net als grujeleg. Et ass an der Rei verluer ze sinn, well, ech bis elo ëmmer erëm e Wee fonnt hunn, fir net verluer ze sinn. Ech mengen, soubal een u sech gleeft, net Angscht kritt, an ëmmer weider mécht, datt sech verléieren – egal op dat an engem Bësch ass oder net – en Abenteuer ass. Jo, et mécht een nervös, mee genee esou ass een och eräifert!

Wat ass Deng Liblingsséissegkeet?

Meng Liblingsséissegkeet ass eng gutt kal Waassermeloun – zemools wann et schéi waarm dobaussen ass!

Froen

d'Sophie Meyer, Kostüm

Wat mécht eng Kostumiëre bei engem Theaterstéck?

Eng Kostumiëre këmmert sech dorëms, datt all Schauspiller dat Richteg fir seng Roll unhuet. Si schafft zesumme mam Regisseur a mam Team, fir ze iwwerleeën, wéi d'Figuren am Stéck ausgesinn. Dozou muss si den Text gutt kennen an sech virstellen, wéi d'Charaktere sinn – ob se éischter lëschtteg, eescht, räich oder aarm sinn, an a wéi enger Zäit se liewen. Esou ka si d'Kostümer auswien oder selwer maachen, déi am beschte bei d'Figuren passen.

Wéi kommen Dir d'Iddien fir d'Kostümer?

Dat ass ganz ënnerschiddlech, well ech vu ville Saachen kann inspiréiert ginn. Et fänkt dacks mam Text un, an am Gespréich mam Regisseur entstinn dann déi éischt Iddien. Richteg spannend gëtt et awer, wann ech mat der Recherche ufänken. Do kann ech Inspiratioun iwwerall fannen – op Biller, a Bicher, an der Moud, an der Natur oder och bei Faarwen a Formen. Heiansdo kënnt eng Iddi esouguer aus eppes ganz Klengem oder Eemolegem. Och al Kleeder oder speziell Stoffer gi mir dacks nei Iddien.

Firwat ass et wichteg, datt et am Theater Kostümer ginn?

Kostümer hëllefen dem Publikum direkt ze verstoen, wien eng Figur ass. Wann een e Kostüm gesäit, kann een dacks scho roden, ob d'Persoun z. B. e Kinnek, eng Kächin oder e Schüler spillt, an a wéi enger Zäit d'Geschicht sech ofspillt. D'Kostümer hëllefen och de Schauspiller selwer, sech an hir Roll eran ze spieren – wéi wann hien oder si fir e Moment wierklech déi Persoun wier. Ouni Kostümer géif ee vill Saache vum Theaterstéck net esou gutt verstoen. Ouni si wier Theater e bësse wéi eng Geschicht ouni Biller.

Mat wat fir Stoffer a Materialien schafft Du, an hunn déi eng besonnesch Bedeutung fir d'Rollen?

D'Stoffer si ganz wichteg, well se net nëmmen esou ausgesinn, wéi d'Roll et verlaangt, mee och bequeem musse sinn, fir datt d'Schauspiller sech gutt kënne beweegen. D'Textur an d'Faarf vun engem Stoff soen dacks vill iwwert eng Figur aus: e schwéieren, donkele Stoff kann eng eescht oder staark Roll ënnersträichen, während e lichten, faarwege Stoff eppes lëfteges oder frëndlech ausdréckt. Heiansdo hëlleft de Stoff dem Schauspiller och, sech an d'Roll eran ze spieren – wéi wann d'Kleeder him e Stéck vun där Persoun ginn, déi hie spillt.

Hues du Dech schonn eemol am Bësch veriert oder soss iergendwou? A wéi war Däi Gefill?

Ech ka mech net erënneren, datt ech mech schonn eemol wierklech am Bësch verlaft hunn – ech hunn éierlech gesot en zimlech gudden Orientéierungssënn. Mee ech weess, wéi et ass, wann een an der Nuecht duerch de Bësch geet. Et ass eng ganz speziell Stëmmung – et ass däischter, roueg, an op eemol héiert een all klengt Geräisch. Wann et dann am Ënnerholz knackt oder kraacht, fänkt d'Fantasie un ze spillen... An da kéint et scho mol sinn, datt een am léifsten d'Been an de Grapp huelen a lafe géif.

Wat ass Deng Liblingsséissegkeet?

Oh mei, dat ass eng schwéier Fro! Ech hu bal alles gär, wat séiss ass. 🍷🔍 Mee wann ech wierklech muss eppes eraus sichen, da géif ech warscheinlech Gummibärercher huelen... oder nee, vläicht dach léiwer eng richteg gutt Glace. 🤔🤔 Schwéier Entscheedung!

Interview

mam Piera Jovic, Choreografin

Wat mécht eng Choreografin bei engem Theaterstéck?

Eng Choreografin iwwerleet sech Beweegunge mam Kierper, heiansdo kleng Beweegungen, wéi nëmmen mat de Fangeren, heiansdo grouss Beweegungen zum Beispill mam ganze Réck oder esouguer mam ganze Kierper.

Well et an engem Theaterstéck ëm eng Geschicht geet, ass et wichteg, gutt ze bedenken wéi duerch den Danz eppes erzielt gëtt op der Bün a wéini d'Geschicht mat Wieder an duerch d'Spillen erzielt gëtt.

Wéi gees du u sou eng Choreografie drun? Iwwerlees du dir virdrun eppes oder kucks du dat zesumme mat den Dänzer an Dänzerinnen?

Ech maachen déi zwee. Fir verschidden Szenen aus dem Theaterstéck, waarden ech, datt mir all zesummen am Proufraum sinn, well dat méi einfach ass fir sech Beweegungen an d'Dänz virze-stellen. Wann et ëm eng Szeen geet an där ech schonn Iddien hunn, da bereeden ech den Danz aleng fir a bréngen den Dänzer:innen an Schauspiller:innen e bäi, wa mir zesumme prouwen.

Wat ass wichteg bei der Choreografie fir e Kannerstéck ze bedenken? Ass eng Choreografie fir e Kannerstéck anescht wéi fir e Stéck fir Erwuessener?

En Danz fir e Kannerstéck ass fir mech e bëssen anescht wéi wann et nëmme fir Erwuessener ass. Wann och Kanner am Publikum sëtzen, da gëtt mir dat Loscht méi witzeg a geckeg Beweegungen auszeprobéieren, well dat dann méi Spaass mécht fir nozekucken an wee weess, vläit kritt een dann souguer Loscht selwer ze danzen.

Wat fir Beweegungen sinn dir an de Kapp komm, wanns du un *Hänsel a Gréidel* denks?

An *Hänsel a Gréidel*, sinn d'Dänzer d'Villercher aus dem Bësch. Ech wëll net zefill verroden, awer ech hat direkt Biller am Kapp vun Dänzer, déi mat den Schëlleren a mam Kapp Beweegunge maachen. Ech sichen nach Iddien fir wa se fortfléien..

Hues du dech schonn eemol am Bësch veriert oder soss anzwousch a wéi war däi Gefill?

Ech gi ganz oft an de Bësch, awer veriert hunn ech mech nach ni... heiansdo mierken ech, datt ech ëmmer méi déif an de Bësch era spadséieren, da probéieren ech mir esou viles wéi méiglech ze mierken, dat fillt sech u wéi e klengt Abenteuer. Am Fong ass et e Gefill dat ech gär hunn.

Wat ass Deng Liblingsséissegkeet?

Meng Liblingsséissegkeet ass Schokolasmousse a Schokolasrull.

Märchen

De Begrëff „Märchen“ ass d'Verklengerungsform vum aldaitsche Wuert „Mär“, wat „Bericht, Erzielung, Rumeur“ bedeit. Beim Begrëff „Märchen“ gëtt tëscht Volleksmärchen a Konschtmärchen ënnerscheet. D'Tabell heiderënner weist d'Ënnerscheeder vun deenen zwou Ënnergattungen op.

Volleksmärchen	Konschtmärchen
• Einzelnen Handlungsaf, keng Niewenhandlungen, einfach Struktur • Zäit- a plazonofhängegt Geschehnis • Meeschtens mat engem glécklechen Enn • Dacks änlech Personagen: Kinniginnen a Prinzessinnen, Kinneken a Prännen, Schwëster a Brudder, Mamm, Papp a Stéifmamm • Ufanks oft eng Mangelsituatioun oder Konfrontatioun mat engem Problem • Märchenhaft Requisiten a Fantasiefiguren • Einfach Sprooch: Haaptsätz, widerhuelend Formelen, wéineg Adjektiver, wéineg Detailer	• Net-linear Handlung, Niewenhandlungen, zäitlech Réckblécker, heiansdo och Virausdeitungen • Dacks konkret Angab vu Plaz an Zäit • D'Handlung féiert oft zu engem trauregen oder negativen Enn (Antimärchen) • Personage si psychologiséiert, mat komplexem Charakter; Hauptfiguren kënne sech entwéckelen • Diverst Weltbild: keen zouent Weltbild, mee fragmentaresch a problematesch • Sprooch: oft komplexe Sazbau, heefeg Stilmittel wéi Ironie, seelen formelhaft

Hautdesdaags sinn d'Märercher e festen Deel vun der Kannerliteratur. Eréischt am 17. Joerhonnert huet de Charles Perrault ugefaangen, d'Märercher zum Deel fir Kanner z'adaptéieren. D'Charlotte Bühler, eng vun de bedeitendste Psychologinnen aus dem 20. Joerhonnert, beziechent d'Märchen als e Genre, dat kannerfrëndlech ass, an hält et fir eng passend Lektür fir Kanner tëscht 6 a 12 Joer. Märcher stimuléieren d'kandlech Fantasie an hëllefen de Gerechtegkeetssënn ze entwéckelen. Ausserdeem kënnen Entwéicklungsschwieregkeete bewältegt ginn fir d'Kanner op déi grausam Säite vum Liewe virzebereeden. D'Kannerpsychologie geet dovun aus, datt Märcher allgemeng als Erziungshëllef dënge kënnen. Och de Bruno Bettelheim huet d'„Volleksmärchen“ als wäertvoll fir d'Kannererziung ugesinn an huet sech domat, a sengem nach haut vill beuechte Wierk Kanner brauche Märcher, psychoanalytesch auserneegesat. Hien huet dem Märchen d'Roll zougesprach, de Kanner eng Hëllef bei hirer eegener (och wann onbewosst verlafener) Sich no Liewenssënn ze sinn.

D'Märchen *Hänsel a Gréidel*:

Note vum Auteur dem Cosimo Suglia

Hänsel und Gretel gouf 1812 am Buch *Kinder- und Hausmärchen* vun de Gebrüder Grimm als éischt publizéiert. Den Titel *Hänsel und Gretel* gouf awer éischt an der 2. Oplag vun 1819 agefouert. Et muss ee verstoen, datt vill vun de Geschichten, déi d'Gebrüder Grimm gesammelt hunn an och deels ëmgeschriwwen hunn, am Schiet vum Drëssegjärege Krich entstanen sinn. Se si Warnungen, Geschichten a Lektionen, déi am Ufank mëndlech iwwerdroe gi sinn, fir de Kanner, wéi och den Erwuessener, d'traumatesch Geschicht an d'Vergaangenheet nozebréngen. Se sinn Tradition, Kommunikatiounsmëttel a Lektien an och simpel Ënnerhaltung, déi och batter Realitéiten erëmispigelen – brutal Realitéiten, déi esou eekleg sinn, datt een se quasi muss fikional ophuelen an erzielen; se verwässeren fir se kënnen un d'Leit ze bréngen.

Am Drëssegjärege Krich war de Mangel un lessegrouss. Kanner goufen ausgesat. Kanner si gestuerwen. Kanner goufe giess.

De kollektiven Doud huet d'Virstellung gedriwwen, a gouf och, deels, ënnerdréckt. Ech brieden en Deel vun dëser Tradition.

De Krich existéiert. Den Doud och. A mir mussen domadder Liewen.

Kommentar: D'Hex

Den Doud vun onschëllege Fraen am Mëttelalter, och nach wäit bis nom Drëssegjärege Krich, huet dozou gefouert, datt Hexen – wat, geschichtlech a faktuell gesinn, just Frae waren, déi mat Hëllef vun der Wëssenschaft, wéi zum Beispill eng gutt Kenntnis vun de Wirkstoffen vu Planzen, iwwerlieft hunn, respektiv souguer hirem Ëmfeld geholfen hunn – an a Mäercher duergestallt ginn, wéi skrupellos Béischten.

D'Figur vun der Hex am *Hänsel a Gréidel* ass net anescht.

Nuance ginn a mengem Stéck agefouert. Wisou d'Hex sech iwwerhaupt esou verhält, ass d'Fro, déi sech duerch dat heite Stéck zitt. Eng stereotypesch Duerstellung, déi si just schlecht mécht, gëtt hei net benotzt.

Dobäi kënnt nach, datt d'Hex an dësem Stéck inspiréiert ass vun der slawescher Mythologie, an zwar vun der Figur vun der Baba Jaga. Änlech wéi d'Hex am *Hänsel a Gréidel*, ass d'Baba Jaga dofir bekannt, datt si Kannibalismus bedreift. Mee, am Géigendeel zu der Hex an *Hänsel a Gréidel*, ass d'Baba Jaga méi nuancéiert; d'Intentionen hannert hirem Verhalen widdersprieche sech an esou gëtt d'Baba Jaga konstant a Fro gestallt. Jo, se huet kannibalistesche Tendenzen, mee anersäits ass si och hëllefswillig, versuergt d'Kanner, zemoos Meedercher. An hirem Ambivalenz ass d'Baba Jaga méi ausgebaut, wéi d'Hex a westeuropäesche Geschichten, an ech géif behapten, datt si dat méi interessant mécht, an och, zu engem gewëssene Punkt, méi geféierlech.

Am Anhang A fannt dir d'Original Märchen op däitsch.

D'Figuren

De Papp, vum Hänsel a Gréidel huet Anxietéit wéinst sengem Holzbusiness, deen duerch momentan Krisen a Kricher d'Bach erfleeft. Hie kritt d'Liewen tèschent elengerzéiende Papp a Chef net regléiert.

Den Hänsel, ass e scheien an awer verspillte Jong, hien huet d'Natur gär, vermësst seng Mamma an hänt immens u senger Schwëster.

D'Gréidel, ass en opgedréint an awer häerzlecht a guttwëllegt Meedchen, dat seng Mamma vermësst an immens u sengem Brudder hänt.

D'Hex, huet zwou Facetten:

D'Baba, ass eng selbstbewosst Fra, déi laang an elegant, mee awer och wëll Schaler a Kleeder undeet, ouni Angscht viru verréckte Muster a knallege Faarwen ze hunn, déi verziert gi mat Schmock aus Gold, Sëlwer a Pärelen; et sinn hir Fiederen a Fell, déi si selwer gemaach huet, sech déi verdéngt huet.

D'Abab, ass eng Fra voll mat Onsécherheeten an Haass. Si ass hallef Mënsch an hallef Kueb. Hire Kierper spigelt d'Leed erëm, dat si misst materliewen. Petrolschwaarz Fiedere wuessen hir aus dem Réck, den Äerm an dem Gesiicht, an déck Talleke schruppe géint de Buedem, wéi d'Kralle vun engem Gräifvull.

Prakteschen Deel

Elo geet et lass mam prakteschen Deel.

An dësem Deel vum Dossier kritt Dir konkret Aktivitéiten a Spiller proposéiert, déi Dir virun an/oder nom Theaterbesuch mat Äre Schüler/Inne kënnt maachen. Dës sinn an den Tabellen erkläert, sou datt Dir alles selbststänneg uleede kënnt. Falls dach nach Froen oder Onkloerheete sinn, kënnt Dir eis gärre schreiwen.

D'Aktivitéite si gekennzeechent, an zwar ob se geduecht si fir **VIRUM** oder **NOM** Theaterbesuch ze maachen. Verschiddener kann een och virdrun **AN** dono maachen.

Ausserdeem kënnt Dir och aus der Tabell liese, wéi laang d'Aktivitéit dauert, wéi d'Raum- a Gruppenandeelung geduecht ass a wéi ee Material ee brauch. D'Zil erkläert lech, op wat der mat de Kanner zesummen hischafft.

An der Beschreiwung vun der Aktivitéit fannt Dir de Wee, wéi Dir kënnt virgoen. Dir fannt och heiansdo Erklärungen vun theaterpädagogesche Begrëffer oder Tipps an Tricks.

Wichtig ze wëssen

Et sinn alles Ureegungen. Dir entscheet fräi, op wat Dir Loscht an Zäit hutt a wat Dir mat de Kanner wëllt ëmsetzen.

Am Anhang fannt Dir d'Material, dat Dir fir déi verschidden Übungen braucht. Dëst ass ëmmer och markéiert.

Nach e puer wichteg Hiweiser fir d'Uleede vun de Spiller an den Aktivitéiten:

- Loosst de Kanner e gewësse Fräiraum, fir datt si kënne kreativ sinn.
- Dat Schéint ass, datt et kee Richteg a kee Falsch gëtt: Alles wat op der Bühn geschitt, ass fir de Moment perfekt. D'Kanner ginn net bewäert, mee an hirem Maache valoriséiert.
- Theater mécht een zesummen! Et gëtt zesumme gelaacht an zesumme geschwat. Jiddereen däerf seng Meenung soen, ouni ze verletzen.
- Fir verschidden Übungen braucht Dir e Raum mat genuch Plaz, fir sech ze beweegen (z.B. Sportshal oder einfach d'Dëscher op Säit stellen).
- Rechent genuch Zäit mat an.
- Keng Angscht virum Scheitern. Wann iergendeppes net direkt klappt, bleift flexibel a passt gärre d'Aktivitéiten an d'Spiller un deGrupp un.

Eng kleng Empfehlung: No all Übung kuerz an der Klass zesummen doriwwer diskutéieren.

1. Assoziatiounen zum Bild an zum Titel	
Virum Theater	
Dauer	20 Minutten
Raum & Grupp	Am Krees (op Still oder um Buedem)
Material am Anhang (A)	Anhang B projezéiert oder erausgedréckt Ziedelen an ëppes fir ze schreiwen
Zil	Dat éischt Auserneensetzte mam Stéck. Hypothesen opstellen ëm wat et geet. Fantasie ureegen.
Beschreibung D'Bild vum Stéck gëtt gebeamt oder erausgedréckt an an d'Mëtt vum Krees geluecht. D'Kanner iwwerleeë sech, ëm wat et am Stéck goe kéint. Si soe Begrëffer haart an déi ginn un d'Tafel oder op Ziedele geschriwwen. Hei e puer Froen, déi hëllef kënnen: • Wat kënnt dir um Bild erkennen? • Wéi eng Faarwe goufe benotzt? Ass d'Bild däischter oder hell? • Ween kéinten d'Kanner op deem Bild sinn? • Wat maachen d'Kanner op deem Bild? • Wéi eng Stëmmung oder wéi eng Gefiller gi mam Bild vermëttelt? • Ëm wat kéint et am Stéck goen? • Wéi eng Personnage kéinte vläicht nach virkommen? An enger zweeter Etapp sot Dir de Kanner den Titel vum Stéck: <i>Hänsel a Gréidel</i>. Als éischt kënnt Dir froen, op een oder eent d'Geschicht kennt. Frot als éischt déi Kanner, déi d'Geschicht net kennen, wat si mengen, ëm wat et géif goen. Da kann een mat deene Kanner, déi d'Geschicht kennen, d'Geschicht rekonstruéieren. Hei e puer Froen, déi hëllef kënnen: • Wéi eng Personnage kommen an der Geschicht vir? • Wou spillt d'Geschicht iwwerall? • Wéi eng Joreszäit ass an der Geschicht? • Wéi eng Stëmmung kann d'Geschicht hunn? D'Äntwerten an d'Gedanke vun de Schüler:innen gi schrëftlech festgehalen, gesammelt a virgedroen. Heibäi kënnen entweder d'Schüler:innen et als éischt aleng opschréiwen an dann am Plenum driwwer schwätzen oder et gëtt direkt am Plenum driwwer geschwat. Do kënnt Dir entscheeden, wat fir Är Klass am beschte funktionéiert.	
Weiderféierend Ideen • Nom Theaterbesuch, kënnt Dir nach emol op déi gesammelt Gedanken an Erwaardungen zeréckkucken an lech doriwwer austauschen, wéi eng Erwaardungen erfëllt goufen a wéi eng net. • D'Schüler an d'Schülerinnen kënnen een eegene Flyer fir e Stéck entwerfen	

2. Platzen am Steck

Virum Theater

Dauer	30 Minuten
Raum & Grupp	A klenge Gruppen zu 3 oder 4
Material	Plakater mat de Plazen an eppes fir ze schreiwen
Zil	Plazen am Stéck kenneléieren, d'Fantasie ureegen.

Beschreibung

Am Stéck *Hänsel a Gréidel* komme verschidde Plazen fir:

- Dobaussen am Duerf/Stad wou den Hänsel an d'Gréidel wunnen
- Am Büro vum Papp, wat och zäitgläich d'Kiche vum Haus ass, wou den Hänsel, d'Gréidel an de Papp wunnen
- De Bësch
- D'Haus vum Baba

All Grupp kritt ee Plakat mat enger Plaz. Sie hunn elo 10 Minuten Zäit an der Grupp ze iwwerleeën, wat do alles op där Plaz ass. Sie schreiwen oder molen dat op d'Plakat a stellen et dann deenen anere Gruppe vir.

Variation

D'Kanner iwerleeën sech wat fir Objeten op de Plaze sinn.

Da gëtt mat Tape e Quadrat op de Buedem gepecht. (Alternativ kann een och just d'Ecker markéieren) z.B. 3x3m.

Lo därfe all Grupp de Raum pantomimesch ausstatten.

Dat heescht z.B. fänkt d'Grupp vun dem Büro un. Eng éischt Persoun geet ran a setzt sech un een imaginären Dësch a schreift z.B. Eppes. Dann ass den imaginären Dësch, de Stull an eppes fir ze schreiwen. Dat bleift elo an dem Raum. Da kënnt déi zweet Persoun an hält z.B. en Ziedel aus dem Drocker asw. Wann déi éischt Grupp bis alles etabléiert huet, kann een zesummen am Grupp diskutéieren, wat alles gesi gouf.

Fir verschidde Saachen kënnen och Geräischer gemaach ginn.

OPGEPASST: Et därfe keng Wieder oder Sätz benotzt ginn.

Weiderféierend Ideen

Plakater kënnen bis no dem Besuch am Theater gehale ginn, da kann ee vergläiche wat op der Bün benotzt gouf, wou Gemeinsamkeiten an Differenze waren.

3. Verwandlungsdanz	
Virum oder nom Theater	
Dauer	40 Minuten
Raum & Grupp	E Raum wou Plaz ass fir sech ze beweegen.
Material	Anhang C Et ass gutt, wann een virdrun e klengen Warm-up mécht
Zil	A Beweegung kommen, säi Kierper kennenléieren, Choreografien entwéckelen, Selbstvertrauen, Gefill fir Musek entwéckelen
Beschreibung Gitt de Kanner den Anhang C. All Kand soll sech lo zu all Saach op der Lëscht aus dem Anhang C 3-5 Saache eraussichen a fir jiddereng vun deene Saache sech eng Beweegung bzw. ee Beweegungsflaf, deen si widderhuelen kënnen. Wa si fir 3-5 Saachen eppes fonnt hunn, solle si probéieren alles ze verbannen an vun enger Beweegung een Iwwergang an déi nächst Beweegung fannen. Zum Schluss huet all Kand eng kleng Choreografie zesummegeallt. Déi Choreografie kann entweder vun e puer Kanner gläichzäiteg am Raum, enger Rei oder als Solo gedantzt ginn. Dono kann zesumme beschwat ginn, wat gesi gouf. Et kann och gäre Musek dozou gespillt ginn, heiansdo ass et spannend ënnerschiddlech Genre vu Musek ze spillen, z.B. eemol ganz duuss an eemol ganz dramatesch Musek.	

4. Statuen bauen

Virum oder **nom** Theater

Dauer	30 Minuten
Raum & Grupp	E Raum wou Plaz ass fir sech ze beweegen.
Material	Et ass gutt, wann ee virdrun e kleng Warm-up mécht
Zil	Kreatiivt Ausdrécken a Verstoen duerch de Kierper, fërdere vun narrative Kompetenzen

Beschreibung

D'Kanner bauen, zu dräi oder véier, Standbiller zum Thema. E Standbild ass wéi e Monument eng Statue, déi gebaut gëtt. D'Kanner ginn also an eng Positioun a si ginn dann an e Freeze.

Hei e puer Situatiounen:

- Den Hänsel a Gréidel waarden op de Papp an et ass kal
- D'Gréidel an de Papp streiden, den Hänsel verdréit dat net gutt
- Den Hänsel an d'Gréidel entdecken eppes am Bësch
- Den Hänsel an d'Gréidel komme bei d'Liefkuchhaus
- Den Hänsel an d'Gréidel begéinen dem Baba
- Gréidel an d'Baba léieren nei Hexespréch
- Den Hänsel sëtzt am Käfig
- Den Hänsel alliiert sech mat de Villecher
- De Papp sicht nom Hänsel a Gréidel

5. Duerch de Bësch	
Virum oder nom Theater	
Dauer	15 Minutten
Raum & Grupp	E Raum wou Plaz ass fir sech ze beweegen.
Material	/
Zil	E Gefill fir de Raum kréien, opmierksam sinn, Vertraue stäerken
Beschreibung: D'Kanner verdeele sech ganz duercherneen am Raum. Sie sinn de Bësch, duerch deen ee vun de Kanner duerchgoe muss. E Kand, dat sech fräiwëlleg mellt, kritt d'Ae verbonnen a muss ee Wee duerch de Bësch fannen. Dobäi däerf d'Kand kee Baam beréieren. Wann d'Kand ze no un e Bam kënnt, muss de Bam soen „Knusper, Knusper Knäisschen“ als Warnung. Dat Kand wat d'Ae verbonnen huet, decidéiert selwer wéi séier oder lues et duerch de Bësch geet.	

6. ABC Fluchen	
Virum oder nom Theater	
Dauer	10 Minuten
Raum & Grupp	Zu zwee an zwee
Material	/
Zil	Sproochlech Kreativitéit fërderen, Kreativitéit ureegen
Beschreibung D'Kanner ginn a Gruppen zu zwee an zwee agedeelt. Sie däerfe lo fluchen an zwar dat ganz ABC duerch. Awer, et däerfe just erfonnte Wieder sinn. Dat éischt Kand fänkt u mat A – z.b. du Afebier, dann äntwert dat zweet Kand mat B – du Brokkolikapp, dorops äntwert dat éischt Kand rëm mat C – du Caviarknëscheler. D'Wieder musse kee Sënn erginn et ass awer wichteg am Virfeld ze soen, datt alles nëmme e Spill ass. Wann et eng Klass ass, déi sech net gutt versteet a wou vill kleng Streidereie sinn, kënnen d'Kanner och d'Mauer verfluchen.	
Variatioun Et kann een d'Spill och am Krees maachen an en Objet an d'Mëtt stellen, deem d'Kanner verfluchen. Da kritt jiddereen déi schéin erfonnten Wieder mat.	

7. Duerch de Bësch bei d'Hexenhaus	
Virum oder nom Theater	
Dauer	10 Minuten
Raum & Grupp	E Raum wou Plaz ass fir sech ze beweegen.
Material	
Zil	Kierperbewosstsinn an Haltung fërderen, e Gefill fir Raum a Koordinatioun kréien, Opmierksamkeet a Reaktiounsfähegkeet fërderen.
Beschreibung D'Kanner ginn duerch de Raum. OPGEPASST: Jidderee geet fir sech aleng, et gëtt net geschwat an net uneneen gehaangen. De Bléck ass riicht, d'Schëllere straff, eng oprecht Haltung. Et kann een de Kanner d'Bild mat op de Wee gi vun engem rouden Fuedem, dee se um Scheed e bëssen erop zitt. Op ee Klatsche vun der SL bleift jidderee stoen. Wann SL eng zweete Kéier klatscht, ginn d'Kanner rëm weider. Den Tempo ass en normaalt Goen, an d'Kanner sollen ënnerschiddlech Weeër goen, net am Krees. SL gëtt elo Impulser an d'Kanner passen hir Gangaart un: • Dir gitt duerch een dichte Bësch voller Beem, et rischt no Bësch an iwwerall si kleng Champignonen fir ze kucken oder kleng Blummen, et richt gutt no de Blieder an no frëschem Holz. • Dir gitt op mëllem Moos • Dir gitt iwwert grouss Äscht a Steng, déi um Wee léien • Dir gitt duerch décke Bulli a bleift ëmmer rëm stiechen • Et gëtt däischter am Bësch, dir kënnt net méi vill gesinn a kommt nëmme ganz lues weider. • Dir gesitt en Haus, dat aus Séissegeete besteet a fänkt un ze iessen an et ass souuuu gutt.	
Variatioun • D'Kanner mussen an Zäitlupp lafen: • Dir probéiert fortzelafen • Dir sëtzt am Käfeg an et ass super enk • Dir gitt vun engem magesche Punkt am Raum ugezunn • Dir maacht e Freedendanz	

8. Vum Baba gefaangen	
Virum oder nom Theater	
Dauer	10 Minutten
Raum & Grupp	E Raum wou Plaz ass vir sech ze beweegen Zu zwee an zwee
Material	/
Zil	Vertraue stäerken, Opmierksamkeet a Konzentratioun stäerken, Bewosstsinn kréie fir de Kierper
Beschreibung D'Kanner siche sech e Partner oder eng Partnerin. Ee vun deenen zwee ass d'Baba a féiert, déi aner Persoun ass den Hänsel oder d'Gréidel an geet no. D'Kanner stelle sech vis-à-vis vuneneen, sou datt si sech an d'Ae kucken. Dat Kand, wat d'Baba ass, hält lo seng riets Hand mat e bëssen Ofstand virun d'Gesicht vun dem anere Kand (also dem Hänsel oder Gréidel). Den Hänsel oder Gréidel muss lo der Hand, déi féiert, nogoen. Schwätzen ass hei verbueden. D'Baba ka bësse mat ënnerschiddlechen Héichten an Déiften a mat verschiddenen Tempoën spillen, awer däréf net lafen an et muss een och ëmmer op déi aner Kanner oppassen.	

9. Theater Detektiv.innen

Virum Theater

Dauer	15 Minuten
Raum & Grupp	Zesummen am Krees
Material	Anhang D
Zil	D'Perceptioun während dem Theaterbesuch op verschidde Schwéierpunkte leeden.

Beschreibung

Deelt d'Klass virum Theaterbesuch a Gruppe vun 3-4 Kanner an. All Grupp kritt en Optrag op deen e während der Virstellung muss oppassen.

De lëschtégste Moment

- De spannendste Moment
- Dee geféierlechste Moment
- Deen traueregste Moment
- Deen häertste Moment
- Dee musikaleschste Moment
- Dee Moment, deen dech am meeschte beréiert

No dem Theaterbesuch, bei der Nobereedung, stellen d'Gruppen hier Saache vir an et gëtt an der Klass doriwwer diskutéiert.

10. Lieblingszenen	
Nom Theater	
Dauer	30 Minuten
Raum & Grupp	A klenge Gruppen
Material	/
Zil	Sech u verschidden Zeene konkret erënneren a rekonstruéieren.
Beschreibung D'Kanner ginn a Gruppen vun ca. 3 zesummen agedeelt. All Grupp sicht sech eng Liblingszeen a spillt se no. Si veränneren eppes Klenges un der Zeen. Déi aner Kanner musse roden, wéi eng Zeen et war a wat geännert gouf.	

11. Reflexiounsfroen	
Nom Theater	
Dauer	20 Minutten
Raum & Grupp	Am Plenum
Material	/
Zil	Zesummen iwwert d'Stéck reflektéieren
Beschreiwung 1. Ginn et Froen/Saachen zum Stéck, déi onkloer sinn? 2. Gouf et ee Moment, wou Dir Angscht hat? Wa jo, wéi ee Moment war dat? 3. Gouf et Momenter, un déi dir lech nach ganz gutt kënnt erënneren? Wa jo, wéi eng? 4. Wéi vill Figure waren op der Bün? A wéi vill Figuren huet een héieren? 5. Wéi eng Musek huet lech am beschte gefall? 6. Wat war Däi Liblingsmoment? 7. Wee war Deng Liblingsfigur? 8. Wéini hues Du am meeschte misse laachen?	

Nëtzlech Reegele

fir den Theaterbesuch

Wéini muss ech do sinn?

Plangt am Beschten genuch Zäit an, sou dass Dir ca. 20-30 Minutte virum Stéck do sidd. Dann hutt Dir nach genuch Zäit, Är Jacketten an Rucksäck ofzeleeën an op d'Toilett ze goen.

Wou leeën ech meng Saachen hin?

Fir dass et während der Virstellung fir Iech an d'Leit op der Bün keng Oflenkung gëtt, loosst Är Jacketten a Rucksäck an der Garderob. No der Virstellung kënnt Dir se do och rëm ofhuelen.

Muss ech eppes Bestëmmtes undoen?

Nee, et gëtt keng Kleederuerdning. Heiansdo doen d'Léit sech schick u fir an den Theater ze goen, mee dat Wichtigst ass, dass Du dech wuel spiers.

Muss ech mäin Handy ausmaachen?

Jo. Et ass ganz wichteg, dass den Handy aus oder op Flugmodus gestalt ass. Een Handy kann d'Léit op der Bün oflenken oder d'Technik stéieren. Och d'Luucht vum Bildschirm ka scho stéieren.

Däerf ech Fotoe maachen oder filmen?

Nee, dat ass leider verbueden. Et däerf een net einfach Fotoe vun anere Leit maachen an och d'Musek oder d'Theaterstéck däerfen net einfach esou opgeholl ginn. Zu all Virstellung ginn et awer offiziell Fotoen, déi op der Homepage ze fanne sinn.

Wat maachen ech, wann ech während der Virstellung Froen hunn?

Wanns Du Froen hues, da verhal Dir se gutt. D'SchauspillerInnen op der Bün spille just fir Iech an anescht wéi um Fernseh oder am Kino kréie si mat, wann d'Publikum mateneen schwätzt. No der Virstellung, kënnt Dir gärën är Froe stellen.

Däerf een am Theater iessen?

Virun an no dem Theater kënnt Dir gärën am Foyer eppes iessen an drénken. Während der Virstellung ass dat net erlaabt.

Wann Iech d'Virstellung gefall huet, däerft Dir dat gare weisen, andeems Dir zum Schluss ganz haart klappt.

Anhang A

Hänsel und Gretel

Vor einem großen Walde wohnte ein armer Holzhacker mit seiner Frau und seinen zwei Kindern; das Bübchen hieß Hänsel und das Mädchen Gretel. Er hatte wenig zu beißen und zu brechen, und einmal, als große Teuerung ins Land kam, konnte er auch das täglich Brot nicht mehr schaffen. Wie er sich nun abends im Bette Gedanken machte und sich vor Sorgen herumwälzte, seufzte er und sprach zu seiner Frau: „Was soll aus uns werden? Wie können wir unsere armen Kinder ernähren, da wir für uns selbst nichts mehr haben?“ „Weißt du was, Mann“, antwortete die Frau, „wir wollen morgen in aller Frühe die Kinder hinaus in den Wald führen, wo er am dicksten ist: da machen wir ihnen ein Feuer an und geben jedem noch ein Stückchen Brot, dann gehen wir an unsere Arbeit und lassen sie allein. Sie finden den Weg nicht wieder nach Haus, und wir sind sie los.“ „Nein, Frau“, sagte der Mann, „das tue ich nicht; wie solle ich's übers Herz bringen, meine Kinder im Walde allein zu lassen, die wilden Tiere würden bald kommen und sie zerreißen.“ „O du Narr“, sagte sie, „dann müssen wir alle viere Hungers sterben, du kannst nur die Bretter für die Särge hobeln“, und ließ ihm keine Ruhe, bis er einwilligte. „Aber die armen Kinder dauern mich doch“, sagte der Mann.

Die zwei Kinder hatten vor Hunger auch nicht einschlafen können und hatten gehört, was die Stiefmutter zum Vater gesagt hatte. Gretel weinte bittere Tränen und sprach zu Hänsel: „Nun ist's um uns geschehen.“ „Still, Gretel“, sprach Hänsel, „grame dich nicht, ich will uns schon helfen.“ Und als die Alten eingeschlafen waren, stand er auf, zog sein Röcklein an, machte die Untertüre auf und schlich sich hinaus. Da schien der Mond ganz helle, und die weißen Kieselsteine, die vor dem Haus lagen, glänzten wie lauter Batzen. Hänsel bückte sich und steckte so viel in sein Rocktäschlein, als nur hinein wollten. Dann ging er wieder zurück, sprach zu Gretel:

„Sei getrost, liebes Schwesterchen, und schlaf nur ruhig ein, Gott wird uns nicht verlassen“, und legte sich wieder in sein Bett.

Als der Tag anbrach, noch ehe die Sonne aufgegangen war, kam schon die Frau und weckte die beiden Kinder: „Steht auf, ihr Faulenzer, wir wollen in den Wald gehen und Holz holen.“ Dann gab sie jedem ein Stückchen Brot und sprach: „Da habt ihr etwas für den Mittag, aber eßt's nicht vorher auf, weiter kriegt ihr nichts.“ Gretel nahm das Brot unter die Schürze, weil Hänsel die Steine in der Tasche hatte. Danach machten sie sich alle zusammen auf den Weg nach dem Wald. Als sie ein Weilchen gegangen waren, stand Hänsel still und guckte nach dem Haus zurück und tat das wieder und immer wieder. Der Vater sprach: „Hänsel, was guckst du da und bleibst zurück, hab acht und vergiß deine Beine nicht.“ „Ach, Vater“, sagte Hänsel, „ich sehe nach meinem weißen Kätzchen, das sitzt oben auf dem Dach und will mir ade sagen.“ Die Frau sprach: „Narr, das ist dein Kätzchen nicht, das ist die Morgensonne, die auf den Schornstein scheint.“ Hänsel aber hatte nicht nach dem Kätzchen gesehen, sondern immer einen von den blanken Kieselsteinen aus seiner Tasche auf den Weg geworfen.

Als sie mitten in den Wald gekommen waren, sprach der Vater: „Nun sammelt Holz, ihr Kinder, ich will ein Feuer anmachen, damit ihr nicht friert.“ Hänsel und Gretel trugen Reisig zusammen, einen kleinen Berg hoch. Das Reisig ward angezündet, und als die Flamme recht hoch brannte, sagte die Frau: „Nun legt euch ans Feuer, ihr Kinder, und ruht euch aus, wir gehen in den Wald und hauen Holz. Wenn wir fertig sind, kommen wir wieder und holen euch ab.“ Hänsel und Gretel saßen am Feuer, und als der Mittag kam, aß jedes sein Stücklein Brot. Und weil sie die Schläge der Holzaxt hörten, so glaubten sie, ihr Vater wäre in der Nähe. Es war aber nicht die Holzaxt, es war ein Ast, den er an einen dürren Baum gebunden hatte und den der Wind hin und her schlug. Und als sie so lange gesessen hatten, fielen ihnen die Augen vor Müdigkeit zu, und sie schliefen fest ein. Als sie endlich erwachten, war es schon finstere Nacht. Gretel fing an zu weinen und sprach: „Wie sollen wir nun aus dem Wald kommen!“



Hänsel aber tröstete sie: „Wart nur ein Weilchen, bis der Mond aufgegangen ist, dann wollen wir den Weg schon finden.“ Und als der volle Mond aufgestiegen war, so nahm Hänsel sein Schwesterchen an der Hand und ging den Kieselsteinen nach, die schimmerten wie neu geschlagene Batzen und zeigten ihnen den Weg. Sie gingen die ganze Nacht hindurch und kamen bei anbrechendem Tag wieder zu ihres Vaters Haus. Sie klopfen an die Tür, und als die Frau aufmachte und sah, daß es Hänsel und Gretel war, sprach sie: „Ihr bösen Kinder, was habt ihr so lange im Walde geschlafen, wir haben geglaubt, ihr wolltet gar nicht wiederkommen.“

Der Vater aber freute sich, denn es war ihm zu Herzen gegangen, daß er sie so allein zurückgelassen hatte.

Nicht lange danach war wieder Not in allen Ecken, und die Kinder hörten, wie die Mutter nachts im Bette zu dem Vater sprach: „Alles ist wieder aufgezehrt, wir haben noch einen halben Laib Brot, hernach hat das Lied ein Ende. Die Kinder müssen fort, wir wollen sie tiefer in den Wald hineinführen, damit sie den Weg nicht wieder herausfinden; es ist sonst keine Rettung für uns.“ Dem Mann fiel's schwer aufs Herz, und er dachte: „Es wäre besser, daß du den letzten Bissen mit deinen Kindern teilst.“ Aber die Frau hörte auf nichts, was er sagte, schalt ihn und machte ihm Vorwürfe. Wer A sagt, muß auch B sagen, und weil er das erstemal nachgegeben hatte, so mußte er es auch zum zweitenmal.

Die Kinder waren aber noch wach gewesen und hatten das Gespräch mit angehört. Als die Alten schliefen, stand Hänsel wieder auf, wollte hinaus und Kieselsteine auflesen, wie das vorigemal, aber die Frau hatte die Tür verschlossen, und Hänsel konnte nicht heraus. Aber er tröstete sein Schwesterchen und sprach: „Weine nicht, Gretel, und schlaf nur ruhig, der liebe Gott wird uns schon helfen.“

Am frühen Morgen kam die Frau und holte die Kinder aus dem Bette. Sie erhielten ihr Stückchen Brot, das war aber noch kleiner als das vorigemal. Auf dem Wege nach dem Wald bröckelte es Hänsel in der Tasche, stand oft still und warf ein Bröcklein auf die Erde. „Hänsel, was stehst du und guckst dich um“, sagte der Vater, „geh deiner Wege.“ „Ich sehe nach meinem Täubchen, das sitzt auf dem Dache und will mir ade sagen“, antwortete Hänsel. „_arr“, sagte die Frau, „das ist dein Täubchen nicht, das ist die Morgensonne, die auf den Schornstein oben scheint.“ Hänsel aber warf nach und nach alle Bröcklein auf den Weg.

Die Frau führte die Kinder noch tiefer in den Wald, wo sie ihr Lebtage noch nicht gewesen waren. Da ward wieder ein großes Feuer angemacht, und die Mutter sagte: „Bleibt nur da sitzen, ihr Kinder, und wenn ihr müde seid, könnt ihr ein wenig schlafen: wir gehen in den Wald und hauen Holz, und abends, wenn wir fertig sind, kommen wir und holen euch ab.“ Als es Mittag war, teilte Gretel ihr Brot mit Hänsel, der sein Stück auf den Weg gestreut hatte. Dann schliefen sie ein, und der Abend verging, aber niemand kam zu den armen Kindern. Sie erwachten erst in der finstern Nacht, und Hänsel tröstete sein Schwesterchen und sagte: „Wart nur, Gretel, bis der Mond aufgeht, dann werden wir die Brotbröcklein sehen, die ich ausgestreut habe, die zeigen uns den Weg nach Haus.“ Als der Mond kam, machten sie sich auf, aber sie fanden kein Bröcklein mehr, denn die vieltausend Vögel, die im Walde und im Felde umherflogen, die hatten sie weggepickt. Hänsel sagte zu Gretel: „Wir werden den Weg schon finden“, aber sie fanden ihn nicht. Sie gingen die ganze Nacht und noch einen Tag von Morgen bis Abend, aber sie kamen aus dem Wald nicht heraus, und waren so hungrig, denn sie hatten nichts als die paar Beeren, die auf der Erde standen. Und weil sie so müde waren, daß die Beine sie nicht mehr tragen wollten, so legten sie sich unter einen Baum und schliefen ein.



Nun war's schon der dritte Morgen, daß sie ihres Vaters Haus verlassen hatten. Sie fingen wieder an zu gehen, aber sie gerieten immer tiefer in den Wald, und wenn nicht bald Hilfe kam, so mußten sie verschmachten. Als es Mittag war, sahen sie ein schönes schneeweißes Vöglein auf einem Ast sitzen, das sang so schön, daß sie stehenblieben und ihm zuhörten. Und als es fertig war, schwang es seine Flügel und flog vor ihnen her, und sie gingen ihm nach, bis sie zu einem Häuschen gelangten, auf dessen Dach es sich setzte, und als sie ganz nah herankamen, so sahen sie, daß das Häuslein aus Brot gebaut war und mit Kuchen gedeckt; aber die Fenster waren von hellem Zucker. „Da wollen wir uns dranmachen“, sprach Hänsel, „und eine gesegnete Mahlzeit halten. Ich will ein Stück vom Dach essen, Gretel, du kannst vom Fenster essen, das schmeckt süß.“ Hänsel reichte in die Höhe und brach sich ein wenig vom Dach ab, um zu versuchen, wie es schmeckte, und Gretel stellte sich an die Scheiben und knuperte daran. Da rief eine feine Stimme aus der Stube heraus:

„Knusper, knusper, kneischen! Wer knuspert mir am Häuschen??“

Die Kinder antworteten:

„Der Wind, der Wind, das himmlische Kind“,

und aßen weiter, ohne sich irremachen zu lassen. Hänsel, dem das Dach sehr gut schmeckte, riß sich ein großes Stück davon herunter, und Gretel stieß eine ganze runde Fensterscheibe heraus, setzte sich nieder und tat sich wohl damit. Da ging auf einmal die Türe auf, und eine steinalte Frau, die sich auf eine Krücke stützte, kam herausgeschlichen. Hänsel und Gretel erschrakten so gewaltig, daß sie fallen ließen, was sie in den Händen hielten. Die Alte aber wackelte mit dem Kopfe und sprach: „Ei, ihr lieben Kinder, wer hat euch hierher gebracht? Kommt nur herein und bleibt bei mir, es geschieht euch kein Leid.“ Sie faßte beide an der Hand und führte sie in ihr Häuschen. Da ward gutes Essen aufgetragen, Milch und Pfannkuchen mit Zucker, Apfel und Nüsse. Hernach wurden zwei schöne Bettlein weiß gedeckt, und Hänsel und Gretel legten sich hinein und meinten, sie wären im Himmel.

Die Alte hatte sich nur so freundlich angestellt, sie war aber eine böse Hexe, die den Kindern auflauerte, und hatte das Brothäuslein bloß gebaut, um sie herbeizulocken. Wenn eins in ihre Gewalt kam, so machte sie es tot, kochte es und aß es, und das war ihr ein Festtag. Die Hexen haben rote Augen und können nicht weit sehen, aber sie haben eine feine Witterung, wie die Tiere, und merken's, wenn Menschen herankommen. Als Hänsel und Gretel in ihre Nähe kamen, da lachte sie boshaft und sprach höhnisch: „Die habe ich, die sollen mir nicht wieder entwischen.“ Fröhlich, ehe die Kinder erwacht waren, stand sie schon auf, und als sie beide so lieblich ruhen sah, mit den vollen roten Backen, so murmelte sie vor sich hin: „Das wird ein guter Bissen werden.“ Da packte sie Hänsel mit ihrer dünnen Hand und trug ihn in einen kleinen Stall und sperrte ihn mit einer Gittertüre ein; er mochte schreien, wie er wollte, es half ihm nichts. Dann ging sie zur Gretel, rüttelte sie wach und rief: „Steh auf, Faulenzerrin, trag Wasser und koch deinem Bruder etwas Gutes, der sitzt draußen im Stall und soll fett werden. Wenn er fett ist, so will ich ihn essen.“ Gretel fing an, bitterlich zu weinen, aber es war alles vergeblich, sie mußte tun, was die böse Hexe verlangte.

Nun ward dem armen Hänsel das beste Essen gekocht, aber Gretel bekam nichts als Krebschalen. Jeden Morgen schlich die Alte zu dem Ställchen und riet: „Hänsel, streck deine Finger heraus, damit ich fühle, ob du bald fett bist.“ Hänsel streckte ihr aber ein Knöchlein heraus, und die Alte, die trübe Augen hatte, konnte es nicht sehen, und meinte, es wären Hänsels Finger, und wunderte sich, daß er gar nicht fett werden wollte. Als vier Wochen herum waren und Hänsel immer mager blieb, da überkam sie die Ungeduld, und sie wollte nicht länger warten. „Heda, Gretel“, rief sie dem Mädchen zu,



„sei flink und trag Wasser: Hänsel mag fett oder mager sein, morgen will ich ihn schlachten und kochen.“ Ach, wie jammerte das arme Schwesterchen, als es das Wasser tragen mußte, und wie flossen ihm die Tränen über die Backen herunter! „Lieber Gott, hilf uns doch“, rief sie aus, „hätten uns nur die wilden Tiere im Wald gefressen, so wären wir doch zusammen gestorben.“ „Spar nur dein Geplärre“, sagte die Alte, „es hilft dir alles nichts.“ Fröhlich morgens mußte Gretel heraus, den Kessel mit Wasser aufhängen und Feuer anzünden. „Erst wollen wir backen“, sagte die Alte, „ich habe den Backofen schon eingeheizt und den Teig geknetet.“ Sie stieß das arme Gretel hinaus zu dem Backofen, aus dem die Feuerflammen schon herauschlügen. „Kriech hinein“, sagte die Hexe, und sieh zu, ob recht eingeheizt ist, damit wir das Brot hineinschießen können.“ Und wenn Gretel darin war, wollte sie den Ofen zumachen, und Gretel sollte darin braten, und dann wollte sie's auch aufessen.

Aber Gretel merkte, was sie im Sinn hatte, und sprach:

„Ich weiß nicht, wie ich's machen soll; wie komm ich da hinein?“ „Dumme Gans“, sagte die Alte, „die Öffnung ist groß genug, siehst du wohl, ich könnte selbst hinein“, krappelte heran und steckte den Kopf in den Backofen. Da gab ihr Gretel einen Stoß, daß sie weit hineinfuhr, machte die eiserne Tür zu und schob den Riegel vor. Hu! Da fing sie an zu heulen, ganz grauselig; aber Gretel lief fort, und die gottlose Hexe mußte elendiglich verbrennen.

Gretel aber lief schnurstracks zum Hänsel, öffnete sein Ställchen und riet: „Hänsel, wir sind erlöst, die alte Hexe ist tot.“ Da sprang Hänsel heraus, wie ein Vogel aus dem Käfig, wenn ihm die Türe aufgemacht wird. Wie haben sie sich gefreut, sind sich um den Hals gefallen, sind herumgesprungen und haben sich geküßt! Und weil sie sich nicht mehr zu fürchten brauchten, so gingen sie in das Haus der Hexe hinein, da standen in allen Ecken Kisten mit Perlen und Edelsteinen. „Die sind noch besser als Kieselsteine“, sagte Hänsel und steckte in seine Taschen, was hinein wollte, und Gretel sagte: „Ich will auch etwas mit nach Haus bringen“, und füllte sich sein Schürzchen voll. „Aber jetzt wollen wir fort“, sagte Hänsel, „damit wir aus dem Hexenwald herauskommen.“ Als sie aber ein paar Stunden gegangen waren, gelangten sie an ein großes Wasser. „Wir können nicht hinüber“, sprach Hänsel, „ich sehe keinen Steg und keine Brücke.“ „Hier fährt auch kein Schiffchen“, antwortete Gretel, „aber da schwimmt eine weiße Ente, wenn ich die bitte, so hilft sie uns hinüber.“ Da rief sie:

„Entchen, Entchen, da steht Gretel und Hänsel.

Kein Steg und keine Brücke, nimm uns auf deinen weißen Rücken.“

Das Entchen kam auch heran, und Hänsel setzte sich auf und bat sein Schwesterchen, sich zu ihm zu setzen.

„Nein“, antwortete Gretel, „es wird dem Entchen zu schwer, es soll uns nacheinander hinüberbringen.“ Das tat das gute Tierchen, und als sie glücklich drüben waren und ein Weilchen fortgingen, da kam ihnen der Wald immer bekannter und immer bekannter vor, und endlich erblickten sie von weitem ihres Vaters Haus. Da fingen sie an zu laufen, stürzten in die Stube hinein und fielen ihrem Vater um den Hals. Der Mann hatte keine frohe Stunde gehabt, seitdem er die Kinder im Walde gelassen hatte, die Frau aber war gestorben. Gretel schüttete sein Schürzchen aus, daß die Perlen und Edelsteine in der Stube herumsprangen, und Hänsel warf eine Handvoll nach der andern aus seiner Tasche dazu. Da hatten alle Sorgen ein Ende, und sie lebten in lauter Freude zusammen. Mein Märchen ist aus, dort läuft eine Maus, wer sie fängt, darf sich eine große, große Pelzkappe daraus machen.

Anhang B



Anhang C



De Wand



De Kueb




De Champignon



En Telefon



E Liefkuchhaus




Eng Spektiv



Eng Fieder



Een Hexekessel



De Bësch

Anhang D

De lëschtegste Moment
De spannendste Moment
Dee geféierlechste Moment
Deen traueregste Moment
Deen häertsten Moment
Dee musikaleschste Moment
Dee Moment, deen Dech am meeschte beréiert

De lëschtegste Moment
De spannendste Moment
Dee geféierlechste Moment
Deen traueregste Moment
Deen häertsten Moment
Dee musikaleschste Moment
Dee Moment, deen Dech am meeschte beréiert

De lëschtegste Moment
De spannendste Moment
Dee geféierlechste Moment
Deen traueregste Moment
Deen häertsten Moment
Dee musikaleschste Moment
Dee Moment, deen Dech am meeschte beréiert

Anhang E

Ass d'Welt béis

da sief du einfach ganz vill léif

schwätz mam Mound

deen iech dann noch belount

deen iech dann och begleet

an dat mat Freed a Secherheet!

Ass d'Welt béis

da sief du einfach ganz vill léif

a wann dat Béist iech dann awer

trotzdeem kritt

da sang einfach dëst schéint Häerzenslidd!

Les Théâtres de la Ville de Luxembourg

Les Théâtres de la Ville de Luxembourg, à savoir le Grand Théâtre et le Théâtre des Capucins, présentent chaque saison une programmation en danse, opéra et théâtre éclectique, mettant en avant une multiplicité d'esthétiques, de voix et de récits, et motivée par le désir de répondre aux attentes et exigences d'une scène culturelle dynamique et d'un public cosmopolite. Au croisement des cultures et des langues, les Théâtres de la Ville de Luxembourg souhaitent être un lieu de rencontre et de découverte ouvert à toutes et tous, un lieu voué aux arts de la scène et un lieu d'innovation artistique. Des partenariats de longue date avec des maisons et artistes internationaux, la présence dans des réseaux européens et un modèle de coproductions collaboratives leur permettent de soutenir la création nationale et internationale et de créer des opportunités pour les créateurs et créatrices de la place par-delà les frontières du Luxembourg. Ils s'emploient ainsi à faire honneur à leur mission de maison de création implantée au cœur même de l'Europe et à contribuer au développement de la scène culturelle au Luxembourg.

Né de l'envie d'accompagner les artistes à divers endroits de leur parcours et à stimuler le dialogue entre artistes, publics et institutions, et encourager l'interdisciplinarité et les formes nouvelles, le TalentLAB, laboratoire à projets et festival multidisciplinaire, voit le jour en 2016. Organisé tous les ans en fin de saison sur une dizaine de jours et pensé comme un festival interdisciplinaire, il offre aux porteur.e.s de projet sélectionné.e.s et à leur intervenant.e.s une parenthèse de liberté de création dans un espace sécurisé, mais aussi et surtout un cadre de recherche, de transmission et d'échanges. Avec la mise en place de la résidence de fin de création Capucins Libre en 2018 et la participation au projet de la *Bourse Project Chorégraphique: Expédition*, les Théâtres de la Ville interviennent encore à un autre endroit de la création et accompagnent les artistes et collectifs dans la réalisation d'un projet en leur offrant le temps, l'espace et le soutien nécessaires à sa concrétisation.

À l'échelle européenne, les Théâtres de la Ville intègrent au cours des années divers réseaux comme l'European Theatre Convention (ETC) pour le théâtre, enoa (European Network of Opera Academies) et Opera Europa pour l'opéra ou encore TOUR DE DANSE, un réseau international de diffusion en danse contemporaine Belgique / Luxembourg / France / Pays-Bas / Allemagne. À cette même échelle, un chaînon supplémentaire dans le travail et le soutien aux artistes est lancé en 2022 avec le Future Laboratory, un projet de résidences de recherche porté par douze institutions européennes du champ du spectacle vivant, sous la coordination des Théâtres de la Ville de Luxembourg.

Contact

Manon Meier

Tel. +352 / 4796 4054
mameier@vdl.lu

•

Les Théâtres de la Ville de Luxembourg

1, Rond-Point Schuman
L-2525 Luxembourg
www.lestheatres.lu

